Reglement Nr 11 19.03.2013

Unerkennung vun der Formatioun beim SNJ a bei aneren Organisatiounen

Fir dësen Text méi lieserlech ze maachen, si bei all Begréff, dee souwuel männlech wéi och weiblech ka sinn, all Kéier déi zwee Geschlechter gemengt, ausser et gëtt speziell präziséiert, z.B.: "Chef" = Chef oder Cheftaine.

1. Fir eng Ernennung als Assistent

Wie schonn de „Brevet Animateur B" huet, kritt dat deelweis unerkannt a kann ënnert de folgende Konditiounen eng Ernennung als Assistent an enger Branche kréien :

- E Gespréich mam Branchecommissaire oder engem Vertrieder vun der Branchenekipp hunn.
- D'Dokumentatioun, déi fir d'Assistente vun der Branche virgeschriwwen ass, hunn a kennen.
- Eng Formatiounsaktivitéit iwwert d'Branchemethod matmaachen. Dës dauert entweder 1 Dag oder 2 hallef Deeg.
- Guiden- a Scoutstechnike beherrschen, respektiv eng Formatiounsaktivitéit iwwer Guiden- a Scoutstechnike matmaachen. Dës dauert entweder 1 Dag oder 2 hallef Deeg.
- E Rapport iwwer eng gréisser Aktivitéit schreiwen.

2. Fir eng Ernennung als Branchechef

Wie schonn de „Brevet Animateur C" huet, kritt dat deelweis unerkannt a kann ënnert de folgende Konditiounen eng Ernennung als Branchechef an enger Branche kréien :

- E Gespréich mam Branchecommissaire oder engem Vertrieder vun der Branchenekipp hunn.
- D'Dokumentatioun, déi fir d'Branchechef vun der Branche virgeschriwwen ass, hunn a kennen.
- Eng Formatiounsaktivitéit iwwert d'Branchemethod matmaachen. Dës dauert entweder 1 Dag oder 2 hallef Deeg.
- Guiden- a Scoutstechnike beherrschen, respektiv eng Formatiounsaktivitéit iwwer Guiden- a Scoutstechnike matmaachen. Dës dauert entweder 1 Dag oder 2 hallef Deeg.
- Seng Unitéit féiere kënnen an dëst während enger Aktivitéit beweisen, bei där e Vertrieder vun der Branchenekipp dobäi ass a mat deem de Kandidat duerno e gemeinsame Bilan mécht. De Programm vun dëser Aktivitéit gëtt am viraus un de Branchecommissaire geschéckt.

3. Fir d'Erneierung vun enger Ernennung

Formatiounsaktivitéite vun aneren Organisatioune kënnen am Kader vum *Paddel däi Kanu* unerkannt ginn. De Formatiounscommissaire muss heifir am viraus säin Accord ginn an d'Unzuel vu Paddele fir déi jeeweileg Aktivitéit festleeën.

4. Aner Bestëmmungen

4.1. An alle Fäll, déi an dëse Bestëmmungen net virgesi sinn, a bei besonnesche Schwieregkeeten, kann de Formatiounscommissaire, no Récksprooch mam zoustännege Branchecommissaire, aner Konditioune festleeën.

4.2. Dëst Reglement ersetzt d'Reglement Nr 11 vum 21.09.2011, dat heiduerch opgehuewen ass.